Syvicol

# Den Emile Eicher gouf als President confirméiert

RTL | Update: 08.01.2024 16:47



© Syvicol

**Den neie Comité vum Gemengesyndikat Syvicol steet mat e bësse Retard, Dat well zu Beefort a Bäerdref d'Gemengewalen eréischt am Oktober waren.**

Den Emile Eicher gouf e Méindeg de Mëtten als President vum Syvicol confirméiert. Bis op Weideres muss een soen. Hien hat jo ugekënnegt, a knapp 3 Joer mat der Politik op nationalem a kommunalem Plang, an domadder och beim Gemengesyndikat, opzehalen.

D'Stader Buergermeeschtesch Lydie Polfer ass éischt Vizepresidentin. Am Büro siegéieren och den Diddelenger Gemengepapp Dan Bianchalana, de Buergermeeschter vun Habscht Serge Hoffmann, den Hesper Schäffen Guy Wester, an eng éischte Kéier och den neien Déifferdenger Buergermeeschter Guy Altmeisch.